

Commune de Junglinster

Commission consultative de la Nature, Energie et de l'Environnement

Rapport de la réunion du 30.05.2024

Lieu de réunion : « Op Fréinen »
Début de la réunion : 19:00 H
Invitée : Mme Monique Leffin

Ordre du jour :

1. Rapport Réunioun vum 21.03.2024

De Rapport vun der leschter Reunioun vum 21.03.2024 ass ugeholl ginn.

2. Konklusiounen vun der „Grousser Botz 2024“

De Jean huet ons Statistiken iwver verschidden Zuele vun der grousser Botz virgedroen.

Et waren 217 Leit déi matgemaach hunn. Esou vill wéi nach ni. Dovun 19 Veräiner, 14 Famille mat Kanner, 3 Eenzelpersounen an e Grupp vu 6 Leit aus dem Eurohotel.

175 Grillwurstchen si verdeelt ginn un d'Participanten.

Mir hu festgehale fir d'Joer 2025:

- 2025 brauche mir 200 Bréidercher, 200 Grillwurstchen, 2x Moschtert. Een Zelt geet duer. Pëtzzaangen hu gefeelt. Dofir lancéiert de Jean eng Bestellung.

- Ganz wichteg war et ons d'Schoulkanner vun deenen 3 Schoulsitte mat an d'Grouss Botz anzebannen. Ebenfalls d'International Scool.
Mir schreiwen dofir d'Schoulpresidenten un, a froe fir eng Entrevue am September ze kréien, wou mir ënner anerem d'Grouss Botz an evt. de Projet (Slogan) vun de neien Poubellë wäerten uschwätzen. Dat muss nach gekläert ginn.
- Proposéiert gouf och déi verschidde Sammelplaze vun de Poubellestuten an den Dierfer besser unzeweisen.
- Et kéint een och versichen d'Gruppe vun de Particiante mësche fir méi e sozialen Aspekt eran ze bréngen. Esou kéinten d'Leit sech méi austauschen a kenne léieren.
- D'Aarbechter vun der Gemeng sollte mir och op eng Grillwurst, no hirem Asammele vun den Tuten, alueden.

3. Feed Back iwwer d'„Fresque du climat“

D'Fresque du Climat ass flott an interessant gewiescht. 16 Leit waren dobäi. Besonnesch den Debriefing mam Austausch ass gutt ukomm. Heimat soe mir dem Melanie an dem Edouard villmools Merci fir hiert Engagement an déi flott Moderatioun während dem Owend.

4. Slogan fir op d'Poubellen ausschaffe

D'Fro ass opkomm firwat mir d'Poubellen iwwerhaapt wiesselen. Och, op mir wësse wéi vill Poubellë wou gewiesselt ginn.

Et ass festgehale ginn, dass mir all Infoen zu de Poubelle sammeln. Wann et zäitlech net ze spéit ass, proposéiere mir d'Poubelle-Beschrëftung zesumme mat de Schoulkanner aus der Gemeng a Form vun engem Projet ze lancéieren. Dat ka mam Léierpersonal z.b. a Form vun engem Concours fir d'Kanner organiséiert ginn. Mir froe beim Daniel Wampach no wat nach méiglech ass a wou de Projet drun ass.

5. Preparatioun „Visite Bongert Aaselscheier“

De But vun dësem Treffen ass et, den Inventaire vun onse Bongerten ze maachen. Wou sinn all d'Bongerten a Beem

vun der Gemeng an a wéi engem Zoustand sinn d'Beem.
Mir hunn dem Jessy Stockkreiser den Optrag ginn d'Moderatioun
vun der Visite am Bongert ze iwwerhuelen. D'Jessy ass duerch
seng Aarbecht qualifizéiert fir mat sengem Wëssen déi richteg
Froen ze stellen an den Zoustand vun de Beem ze analyséieren.

6. Energie Karawann Gonnereng

D'Sarah Juchems schwätzt mam Här Martin Schmitt vun der
Energieberodung fir den Datum vum Informatiounsowend fest ze
leeën. Hien ass de Responsabel vun der Energieberodung fir ons
Gemeng deen den Informatiounsowend ofhält.

Den Informatiounsowend kéint an engem Zelt virum Café de la
Gare zu Gonnereng ofgehale ginn.

Eng Persoun vum Personal vun der Gemeng wollte mir beoptrage,
fir di personaliséiert Bréiwer déi un d'Leit verschéckt gi, nach am
Juli opzeschaffen.

Et soll och eng Info an de MAC komme virum September fir evt.
nach aner Leit ze mobiliséieren.

7. Divers

Et ass eng Propose gemaach gi fir den Internet Site vun der
Gemeng am Beräich vun der Ëmwelt ze verbessern. An onser
Kommissioun kéint een doru schaffen an den Daniel Wampach
kéint dat iwwerkucken an da fräi schalten. Mir froen dat no, op et
erwünscht ass.

Eis nächst Reunioun ass de 06.06.2024 um 19.00 Auer am Bongert zu
Aasselscheier.

Mat frëndleche Gréiss.

Degraux Christiane
Sekretärin

Boden Jean
President